

# D'REVANCHE VUN DER HEX KATRIN THEIS

version FR

## QUIZ-RALLYE FIR ERWUESSENER VUM SERVICE TOURISME & VIVRE ENSEMBLE VUM KANTON RÉIDEN 19.07-17.08

Nom Erfolleg vun eise Quiz-Rallye vun 2021-2024 hu mir erëm fir dëse Summer ee Quiz-Rallye organiséiert! Dës Kéier gitt Dir op d'Sich no den Indizie fir de Fluch vum Katrin Theis ze briechen!

Hëlleft eis **d'Indizien** ze fannen, fir de **Fluch ze briechen** – an de **Geescht** vum Katrin Theis ze **erléisen**.
Dir hutt Zäit vum 19.07 bis de 17.08.2025 den Indizien nozegoen.

Méi Infoe kritt Dir bei der Umeldung.

Joerhonnerte si vergaangen, mee den Numm **Katrin Theis** gëtt zu **Useldeng** an am Wëlle Westen nëmmen am Flüstertoun ausgeschwat. Vill Bierger a Biergerinnen haten **Angscht** virun hir. D'**Katrin gouf an de Kerker vun Useldeng** geheit. Eng Hiriichtung war net virgesinn, si sollt aus der Herrschaft **Useldeng verbannt** a mat Rutte verjot ginn. A wéi d'Wiechter awer moies an de Kerker gaange sinn, hunn si se doudeg **fonnt**.

Et heescht, **virum Doud hätt si e Pakt mat der aler Welt gemaach** – mat **Muechten, méi al wéi d'Kierch selwer**. Si hätt **e Fluch ausgeschwat**, dee **Misär** an Angscht iwwer d'Regioun bréngе sollt. **Dëst war hir Revanche.**

All **Fluch huet awer en Ursprong – an eng Schwaachstell.** Hëlleft eis **d'Indizien** ze fannen, fir de **Fluch ze briechen** – an de **Geescht** vum Katrin Theis ze **erléisen**.

**Spilloflaf**
Dir hutt 1 Mount Zäit, den Indizien nozegoen an ënnerschiddlech Froen an den 9 Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg ze beäntwerten. Schéckt eis déi jeeweileg Äntwerten op tourisme@kanton-reiden.lu eran, mir rechnen Iech déi verschidde Punkten dann un. Et ass Iech fräi iwwerlooss, wéi vill Froen Dir wierklech beäntwert, ma schlussendlech geet et dorëm, wien déi meeschte Punkten huet, huet och gewonnen.
Bei engem Gläichstand gëtt de Präis geloust.

*All richteg Fro bréngt Iech 50 Punkten.*
*All Foto bréngt Iech 100 Punkten.*

**Präisser:**
- 1 Iwwernuechtung am Duebelzëmmer mat Iessen an engem vun eis ausgewielten Hotel aus dem Wëlle Westen
- 150 € Consommatiouns-Bong am Hotel-Brasserie Péitche Lauer
- 1 Corbeille aus der Regioun am Wäert vun 80€
- 1 Escape Room am Schifermusée bis 5 Persounen mat enger Descente an de Souterrain am Wäert vun 80€

**Umeldung & Info:**
tourisme@kanton-reiden.lu
+352 28 33 45 10

KANTON RÉIDEN TOURISME
KANTON RÉIDEN VIVRE ENSEMBLE

TouristInfo Wëlle Westen
Service Tourisme Kanton Réiden
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

+352 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
visitwellewesten.lu
visitwellewesten
visitwellewesten